# Courrier de l'Éducation nationale

Le mensuel du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

JANVIER 2024
A01

HAPPY NEW YEAR 2024

Dans ce numéro :

## LES ACTUALITÉS DU MENJE

Pour en savoir plus ... 2

### À la UNE

Ambitioune fir eng staark a gerecht Bildung ... 3

### Leseförderung - Schulbibliothek - Medienerziehung

Holocaust Remembrance Day 2024 - Leseempfehlungen zum Thema Auschwitz ... 7
Journées du livre et du droit d'auteur 2023 - Réckbléck ... 12

### Publications

Nouvelle publication ... 17

### Brèves

D'EuChems Periodentafel op Lëtzebuergesch ... 18

## LE MONDE DE L'ÉDUCATION

### Manifestations

Eltereschoul - Programm ... 19
Uni.lu - LUX:plorations – Ein Forschungsuniversum ... 21
ZpB - Weiterbildungen 2024 (2. Trimester) ... 22
ZpB - Our English Offer ... 23

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# INFORMATIONS UTILES :

Le délai pour la remise des annonces à publier est fixé au 15 de chaque mois précédant la publication du CEN.

Les articles ne doivent pas dépasser 2 pages A4 (Times new roman, 12pts, interlinage 1,5) et sont à adresser sous forme électronique (textes au format word, images au format jpeg 72dpi) à l'adresse suivante : cen@men.lu

Le MENJE se réserve le droit de modifier voire refuser des contributions externes. Il décline toute responsabilité quant au contenu de ces contributions.

Le CEN paraît 11 fois par an.

Les publications du ministère peuvent être consultées sur notre site:

www.men.public.lu

## Pour en savoir plus :

- Exit Mobbing : Des outils pour combattre le harcèlement scolaire dans les lycées
- Webinaire um radio 100,7: 'Deng Stëmm zielt! Participatioun bei Kanner a Jonken'



# ÉDITORIAL

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

33, rives de Clausen
L-2165 Luxembourg

layout: Presse et Communication

e-mail: cen@men.lu

tél.: +352 247-85114

consultez notre site:
http://www.men.public.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# Ambitioune fir eng staark a gerecht Bildung

Den 29. November 2023 hat de Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, d'Press op en Tour duerch d'Themefelder Educatioun, Kanner a Jugend am Koalitiounsprogramm 2023/2028 invitéiert.

D'Bildung ass a bleift eng zentral Erausfuerderung, op där d'Zukunft vun eise Kanner an eiser Gesellschaft opbaut. Dofir wäert d'Bildungspolitik och weiderhin d'Ambitioun hunn, all Acteuren zesummenzebréngen, fir gemeinsam dofir ze suergen, datt all Kand, all Jugendlechen an all Erwuessenen déi bescht Chancë kritt, fir säi Parcours, seng perséinlech Entwécklung a säi Wuelbefannen ze ënnerstëtzen, mam Zil, sech erfollegräich an der Gesellschaft vun haut a vu muer ze integréieren.

„D'Bildung un d'Entwécklung vun der Gesellschaft unzepassen, ass ee permanenten Defi. Fir deen ze bewältegen, hu mer eis déi lescht Joren zesummen op de Wee gemaach. Dëse Wee musse mer weidergoen, fir eise Bildungssystem un d'Lëtzebuerg vun haut unzepassen", huet de Minister Claude Meisch ënnerstrach.

An de leschten zéng Joer ass zu Lëtzebuerg vill an eng Bildung investéiert ginn, déi d'Kand an de Mëttelpunkt stellt, dat souwuel an der formaler wéi och an der non-formaler Bildung. Och an deenen nächste fënnef Joer wäert et d'Ambitioun sinn, déi formal an déi non-formal Bildung als gläichberechtegte Partner zesummenzeréckelen an d'Qualitéit a béide Beräicher gläichwäerteg ze entwéckelen. Fir d'Kanner an déi Jonk ze stäerken, wäert d'Regierung och an deene kommende fënnef Joer eis Bildungslandschaft konsequent ausbauen, vernetzen an developpéieren.

## Eng Bildungspolitik, déi wëssenschaftlech begleet gëtt

Fir de Bildungssystem weider deenen diversen Entwécklungen zu Lëtzebuerg unzepassen, ass et wichteg, déi bestoend Projeten an Initiative reegelméisseg ze iwwerpréiwen an nei Reformen oder Pilotprojete vun Ufank u wëssenschaftlech ze begleeden. De Monitoring vum Bildungssystem mam Zil, fuerschungs- a faktebaséiert politesch Entscheedungen treffen ze kënnen, ass de Grondstee vun enger moderner Bildungslandschaft.

## Eng Bildungspolitik am Dialog mat allen Acteuren

De Bildungssystem vum 21. Joerhonnert gëtt vu ville Schëllere gedroen. Fir all Kand déi bescht Chancen op seng schoulesch a perséinlech Entwécklung ze bidden, mussen all Bildungspartner un engem Strang zéien. De reegelméissegen Echange mat allen Acteuren aus de Beräicher Educatioun, Kanner a Jugend genee wéi e strukturéierten Dialog iwwer geziilt Sujete gi weidergefouert, fir datt d'Bildungspolitik op engem breede Konsens baséiert.

# E gudde Start op de Bildungswee

Kleng Kanner solle scho kënne vun enger qualitativ héichwäerteger Bildungs- a Betreiungsoffer profitéieren. Dëst ass immens wichteg fir hir Zukunftschancen. Dofir gëtt weider an d'Qualitéit vun de Crèchen investéiert, andeems virun allem de Betreiungsschlëssel progressiv verbessert gëtt. An engems ginn d'Formatioune vum Personal an d'Qualitéitskontrollen an de Strukturen ausgebaut an innovativ Betreiungskonzepter geférdert.

Beim Start an d'Grondschoul sinn d'Kanner an enger entscheedender Phas vun hirer Entwécklung. Dofir wäert d'Regierung net nëmmen dofir suergen, dass all Kand eng Plaz am Precoce

page suivante

soll kënne kréien, mee dass et och am ganze Cycle 1 optimal begleet gëtt. An deem Sënn gëtt niewent dem Precoce och an de Klasse vum Cycle 1.1 an 1.2 no an no en zweeten Intervenant agefouert, deen Hand an Hand mam Enseignant doru schafft, den Unterrecht un d'Besoine vum Kand unzepassen, sou dass et déi beschte Startchancen op sengem schoulesche Wee kritt.

Gutt an de schoulesche Parcours starte bedeit och, an där Sprooch kënnen alphabetiséiert ginn, an där een sech wuelfillt. De Pilotprojet vun der fakultativer Alphabetiséierung op Franséisch gëtt weiderhi wëssenschaftlech begleet an evaluéiert an d'Enseignante gi landeswäit weiderforméiert en vue vun enger schrëttweiser Generaliséierung um nationale Plang vun der d'Rentrée 2026/2027 un.

Net nëmme bei de klenge Kanner ass et wichteg, datt déi formal an déi non-formal Bildung Hand an Hand schaffen. D'Regierung wäert zesumme mat de Gemengen dofir suergen, datt all Kand vun 2030 un e Recht op eng Ganzdaags-Bildungsoffer huet.

## Eng Schoul mat moderne Programmer a Contenuen

D'Schoul un d'Ufuerderunge vun der Gesellschaft upassen ass de But vum neie Léierplang, fir deen 2022 e breede Consultatiounsprozess mat allen Acteure gestart gouf, fir d'Kompetenze vum 21. Joerhonnert méi staark an de Programmer ze verankeren. De Projet neie Léierplang am Fondamental gëtt elo vun der neier Regierung weidergefouert a vun der Rentrée 2026/2027 un ëmgesat, fir esou ganz ënnerschiddlech Kompetenze wéi Kreativitéit, Collaboratioun, kritescht Denken, awer och eis Méisproochegkeet an d'Digitalitéit méi staark ze fërderen.

Wéi am Enseignement fondamental gëtt och am Secondaire eng breet ugeluechte Consultatioun iwwer d'Moderniséierung vun de Schoulprogrammer gestart. Unterrechtsmethode wéi den Enseignement par projets gi gefërdert an aktuell Thematiken, wéi d'Digitaliséierung, d'nohalteg Entwécklung, awer och zum Beispill den Ëmgang mat Finanzen oder d'gesond Ernierung, gi verstäerkt an de Programmer verankert.

## Eng Opwäertung vun der Beruffsausbildung mat enger méi breeder a moderner Offer

Fir d'Handwierk ze valoriséieren, sollen d'Kanner scho fréi d'Vilfalt vun de Beruffer kënnen entdecken, dat an der Grondschoul, am Lycée an och an der non-formaler Bildung vun Ufank un. Nëmmen esou si se prett, fir hire spéidere schouleschen a beruffleche Wee a beschtméiglech Konditiounen anzeschloen.

Och an der Beruffsausbildung ginn d'Formatioune weider moderniséiert an dynamiséiert, thematesch, sproochlech, mee och duerch d'Aféierung vun neie Qualifizéierungsweeër, wéi d'Première DAP, déi och Schülerinnen a Schüler am Enseignement classique a général d'Méiglechkeet gëtt, zousätzlech eng Léier ze maachen.

Fir munch Formatioune méi no bei d'Schüler ze bréngen, wäert d'École d'hôtellerie et de tourisme en zweete Standuert am Süde vum Land kréien. D'Offer vum Lycée privé Emile Metz am Süde vum Land gëtt iwwerdeems ausgedeent. Donieft sinn zwee weider Centres nationaux de formation professionnelle continue (CNFPC) geplangt.

D'Regierung wäert zesumme mat de Beruffskummeren eng Formation professionnelle supérieure schafen, fir deene Jonken och nom Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP) an dem Diplôme de technicien (DT) weiderféierend Ausbildungen unzebidden.

page suivante

# Eng Sproochenoffer, déi der Diversitéit vun der Schoulpopulatioun Rechnung dréit

## International ëffentlech Schoulen

All Joer komme vill Kanner an déi ëffentlech Schoul, déi hir Scolaritéit an engem anere Land ugefaangen hunn. Fir dëser grousser Demande gerecht ze ginn, wäerten an den nächste Joren dräi weider ëffentlech europäesch Schoulen opgoen. An engems gëtt weiderhin analyséiert, wéi sech den Enseignement an dëse Schoulen entwéckelt an d'Erfarungen am Ëmgang mat enger heterogener Schoulpopulatioun am internationale System ginn analyséiert. Déi Schoule mam nationale Programm an déi ëffentlech europäesch Schoule solle vunenee kënne léieren, fir de Schülerinnen a Schüler deen Enseignement kënnen unzebidden, deen si brauchen.

## Flexibilitéit vun de Sproochen am nationale System

Esou wéi an der Grondschoul de Projet vun der fakultativer Alphabetiséierung op Franséisch versicht, der Erausfuerderung vun engem un d'Entwécklung vun der Populatioun adaptéierte Sproochenunterrecht gerecht ze ginn, sollen d'Schülerinnen an d'Schüler och am Lycée méi Choix bei de Sprooche kréien. Dofir gëtt zesumme mat alle Partner e globaalt Konzept fir ee méi flexibele Sproochenunterrecht am Secondaire ausgeschafft.

# E Bildungssystem, deen sech këmmert

D'schoulesch Inclusioun ass a bleift eng vun de grousse Prioritéiten. Dofir ginn d'Équipes de soutien pour enfants à besoins éducatifs spécifiques (ESEB) weider gestäerkt a méi spezialiséiert Personal agestallt, fir d'Kanner mat besonnesche Besoine kompetent ze begleeden. Dës Kanner sollen och ouni Restriktioun Zougang op d'non-formal Bildungsoffer kréien. Dofir ginn och an dësem Beräich d'Inclusiounsefforte gestäerkt.

An engems gëtt d'Netzwierk vu regionalen Antenne vun de Kompetenzzentren ausgebaut, fir dass all Kand op hir Offer kann zeréckgräifen, egal wou et wunnt. All Kand an all Jonken huet d'Recht op eng beschtméiglech Entwécklung an hiert Ëmfeld soll si dobäi ënnerstëtzen.

A wann d'Eltere mol Rot an Hëllef brauchen, da sollen si déi bei enger moderner Kanner- a Familljenhëllef fannen. Dofir ass et wichteg, dass d'Mesuren, haaptsächlech déi preventiv ambulant Offeren, ausgebaut ginn an och méi accessibel ginn. D'Vernetzung mat der Schoul, do, wou d'Kanner an déi Jonk sech all Dag begéinen, ass dobäi en zentrale Punkt, fir dass d'Ënnerstëtzung och schnell do ukënnt, wou se gebraucht gëtt.

D'Aarbechte ronderëm de Gesetzesprojet zum Jugendschutz gi weidergefouert a schnellstméiglech ëmgesat.

De Kampf géint den Décrochage scolaire ass och an dëser Legislatur eng grouss Prioritéit. De Réseau vun de Centres d'insertion socio-professionnelle (CISP) gëtt ausgebaut, fir Schülerinnen a Schüler, déi riskéieren, hir Scolarisatioun ofzebriechen, trotzdeem zu engem Schoulofschloss ze begleeden. Iwwerdeems gëtt eng spezifesch Schouloffer fir Lycéesschülerinnen a -Schüler mat Verhalensopfällegkeete geschaf.

page suivante

## Wuelbefanne färderen, fir Kanner a Jonker ze stäerken

Jiddereen, deen am Bildungssystem ass, soll sech hei gutt a gebuerge spieren a bei Problemer direkt an onkomplizéiert Hëllef kréien. Dofir ginn déi psychosozial Ekippen an de Lycéeë gestäerkt geneeësou wéi d'Zesummenaarbecht mat de Professionellen aus dem non-formale Secteur. Wee mat Kanner a Jugendleche schafft, soll Coursë kënne maachen, fir psychesch Problemer ze erkennen an de Betraffenen eng éischt Hëllef kënnen unzebidden. De Mobbing ze bekämpfen, ass eng Aufgab vun eis all. Dofir gëtt an dëser Legislatur en nationalen Anti-Mobbing-Programm op d'Bee gestallt.

Jonker mussen och ausserhalb vun der Schoul attraktiv Méiglechkeete fannen, fir hir Fräizäit ze gestalten an sech am Kontakt mat anere Jonken an enger gudder Ambiance weiderentwéckelen ze kënnen. Dofir gëtt d'Netzwierk vun de Jugendhaiser am Zesummespill mat de Gemengen ausgebaut an et ginn zousätzlech Offere geschaf, wéi de pedagogeschen Zenter *Vivre les langues*, wou Kanner a Jugendlecher de Räichtum vun de Sproochen an de Kulturen op spilleresch Aart a Weis kënne kenne léieren.

Fir Jonker, déi wéinst engem schwéiere familiären Ëmfeld net méi doheem kënne wunnen, solle genuch Wunnenge mat engem fachlechen Encadrement geschafe ginn.

## Eng kontinuéierlech Weiderentwécklung vum System duerch Pilotprojeten

Vill wichteg Reformen am Bildungswiesen hu mat Pilotprojeten ugefaangen. Et ass e Kader, fir innovativ Konzepter ze testen, ze evaluéieren a weiderzeentwéckelen. Bestoend Pilotprojete wéi déi fakultativ Alphabetiséierung op Franséisch gi weidergefouert, evaluéiert a gegeebenenfalls generaliséiert. An engems ginn nei Pilotprojete gestart.

Esou wäert d'Regierung nieft der Evaluéierung vun de regionalen Direktiounen an der Grondschoul och ee Pilotlycée an enger Grondschoul lancéieren, wou d'Direktioun direkt an der Schoul present ass.

Och sollen déi verschidden Aspekter vum Gesetz vun 2009 iwwer d'Grondschoulen evaluéiert an eventuell adaptéiert ginn. Gläichzäiteg gëtt op den ënneschte Klasse vum Secondaire général de Bewäertungs- a Promotiounssystem ënnert d'Lupp geholl.

Fir déi iewescht Klasse gëtt zesumme mat de Schoulpartner en neit Organisatiounskonzept ausgeschafft. Dëst Konzept, dat a Pilotlycéeë getest wäert ginn, soll de Schülerinnen a Schüler méi Choix tëschent de Fächer bidden a soumat d'Sektiounen ersetzen.

Pour en savoir plus : www.men.lu

# Holocaust Remembrance Day 2024

## Leseempfehlungen zum Thema Auschwitz

An den nationalsozialistischen Völkermord an Millionen europäischen Juden während des Zweiten Weltkriegs wird ab 2024 in Luxemburg unter dem Titel "Holocaust Remembrance Day" (ehemals « Journée de la mémoire de l'Holocauste et des crimes contre l'humanité ») erinnert.

Zur « Journée de la mémoire de l'Holocauste et des crimes contre l'humanité » wurde bereits 2018 , 2020 , 2022 und 2023 eine Bibliographie mit Kinder- und Jugendbüchern zum Thema Shoah veröffentlicht.

In Zusammenarbeit zwischen dem Zentrum fir politesch Bildung (ZpB), dem SCRIPT und dem IFEN ist eine weitere Bücherliste mit Leseempfehlungen zusammengestellt worden. Sie betrifft das KZ Auschwitz.

Zum Thema Auschwitz – inzwischen als Inbegriff für Shoah und Konzentrationslager bekannt - gibt es eine enorme Auswahl an Büchern. Die vorgestellten Titel sind vor allem neue Werke. Einige wurden aber schon in früheren Bibliographien des ZpB zur Shoah genannt.

Die diesjährige Bücherliste begreift autobiographische Erzählungen von Auschwitz-Überlebenden, andere Bücher erzählen als Roman das Schicksal von in Auschwitz Inhaftierten. Immer häufiger werden solche Geschichten auch als Graphic Novel erzählt oder Bücher werden als Graphic Novel adaptiert.

Die Beschreibung jedes Buches begreift eine Rezension und meist eine Angabe zum Lesealter. Die wenigen genannten Kinder- und Jugendbücher sollten am besten als begleitete Lektüre mit Erwachsenen gelesen werden.

Die Bibliographien sind online verfügbar: https://zpb.lu/comprendre/bibliotheque-specialisee/ und die Bücher sind in der Bibliothek des ZpB ausleihbar.

Anbei nur einige neue Titel, die sich auch schon für (ältere) jugendliche Leser*innen eignen.




**Du wirst gerettet werden: die Cellistin von Auschwitz** / Lukas Ruegenberg; Barbara Kirschbaum. - Kevelaer : Butzon & Bercker, 2020. - 69 p. - ISBN 978-3-7666-2748-3

Kindgerecht erzählt und mit sanften Bildern illustriert, präsentiert das großformatige Buch die Lebensgeschichte der Cellistin Anita Lasker-Wallfisch, sowie teils die ihrer Schwester Renate.

Die beiden jungen Jüdinnen engagieren sich im Krieg während ihrem Arbeitsdienst im Widerstand. Sie werden gefasst und zu Gefängnisstrafen verurteilt, um schließlich doch nach Auschwitz deportiert zu werden. Beide kommen in das Frauenorchester des KZ, das täglich, bei Abmarsch und Ankunft der Arbeitssklaven, spielt. Dies beschert den Schwestern etwas bessere Lagerbedingungen und rettet sie im Endeffekt. So überleben sie, als sie gegen Ende des Krieges nach Bergen-Belsen transportiert werden, einem Lager, in dem zu diesem Zeitpunkt keinerlei Organisation und Versorgung der Gefangenen mehr stattfinden.

Das Bilderbuch ist als begleitete Lektüre konzipiert und kann Kindern ab Zyklus 3 vermittelt werden. Hinweise für Eltern und Lehrer runden die Geschichte ab.

Sie basiert auf den Lebenserinnerungen, die Anita Lasker-Wallfisch unter dem Titel „Ihr sollt die Wahrheit erben" veröffentlicht hat.

suite...




**Als die Welt uns gehörte : Roman** / Liz Kessler; aus dem Englischen von Eva Riekert. - Frankfurt : Fischer, 2021. - 299 p. - Originaltitel : When the World was ours. - ISBN 978-3-7373-4256-8

Elsa, Leo und Max sind beste Freunde und eine eingeschworene Gemeinschaft. 1936 erleben sie Leos 9. Geburtstag auf dem Riesenrad im Wiener Prater als wunderbare gemeinsame Erinnerung. Dabei lernt Leos Vater zufällig ein englisches Paar kennen.

Kurz darauf verändert sich alles. Evas Familie flüchtet vor den antisemitischen Anfeindungen nach Prag. Ab 1938 erlebt Leo in der Schule und in der Gesellschaft eine immer stärkere Verfolgung. Als Leos Vater verhaftet wird, nimmt er seinem Sohn das Versprechen ab, zu versuchen, mit seiner Mutter nach England zu flüchten. Er hatte Kontakt mit dem Paar aus dem Riesenrad aufgenommen, das sich für die Familie verbürgt, um ihnen die Reise nach England zu ermöglichen.

Die Flucht nach England gelingt Leo und seiner Mutter nach vielen Hürden.

Schon vorher hat Max - Nichtjude und Sohn eines strammen Nazis, der seinen Sohn nie liebevoll wertschätzt - sich von Leo distanziert. Vor allem nach dem Umzug der Familie nach München steigert er sich immer mehr in die Naziideologie hinein. Waren früher Elsa und Leo seine Gruppe, so verdrängt er jetzt diese freundschaftlichen Gefühle und identifiziert sich mit der Hitlerjugend, in der er sich stark engagiert.

Elsas Familie wird in Prag von der Naziverfolgung eingeholt und zuerst in ein Ghetto und später nach Auschwitz gebracht.

Dort begegnet Elsa Max…

Das Buch zeigt eindringlich das Gefühlsleben der drei Kinder und die Wandlung ihrer Freundschaft.

Das sehr berührende Buch eignet sich für Kinder ab Anfang der Sekundarstufe.

suite...




**Die Bibliothekarin von Auschwitz : nach einem Roman von Antonio Iturbe** / Salva Rubio, Loreat Aroca. - Wien : bahoe books, 2022. - 121 p. - Originaltitel : La bibliotecaria de Auschwitz. - ISBN 978-3-903290-72-6

Die Graphic Novel für ältere Jugendliche und Erwachsene erzählt, basierend auf dem Roman von Antonio Iturbe, die Geschichte von Dita Kraus.

Diese kommt mit ihrer Familie als 14-jährige Tschechin aus Theresienstadt nach Auschwitz ins Familienlager und verwaltet und pflegt dort, inmitten des grausamen Alltags des KZs, unter Lebensgefahr die Bibliothek in der Kinderbaracke: 8 sehr unterschiedliche und teils zerfledderte Bücher, die unerlaubt den Weg dorthin gefunden haben. Die Bücher werden genutzt, um heimlich die Kinder zu unterrichten und sie geben Dita und den Gefangenen ein Stück Bildung und Würde. Dita ist sehr beeindruckt von Fredy Hirsch, einem deutschen Juden, der die Kinderbaracke leitet, und dort, scheinbar unbeeindruckt von den SS, heimlich eine Schule betreibt.


Dita muss sehr trickreich sein, damit die Bücher der Bibliothek unentdeckt bleiben. Dabei scheint es ihr, als ob der berüchtigte KZ-Arzt Josef Mengele bei einer Inspektion der Kinderbaracke bemerkt habe, dass Dita etwas verheimlicht. Er scheint sie danach zu verfolgen …

Die sehr bewegende Graphic Novel kürzt einige Passagen aus dem Roman, vermittelt aber meisterhaft die Atmosphäre des Lagers und die Stimmungen Ditas.




**La bibliothécaire d'Auschwitz** / scénario, Salva Rubio ; dessin et couleurs, Loreto Aroca ; trad., Lise Gallot ; d'après le roman de Antonio G. Iturbe. - P Paris : Rue de Sèvres, 2022. - 127 p. - ISBN 978-2-81020-125-9

La version originale française comporte à la fin de l'ouvrage une partie documentaire avec des explications sur la persécution des juifs et sur Auschwitz.




Die Graphic Novel beruht auf dem Roman der Lebensgeschichte von Dita Kraus:

**Die Bibliothekarin von Auschwitz : Roman nach einer wahren Geschichte** / Antonio Iturbe ; aus dem Spanischen von Karin Will. - Erw. Taschenbuchausg. - München : Piper, 2022. - ISBN 978-3-492-31753-5

Der Romanbestseller für ältere Jugendliche und Erwachsene, inspiriert durch das Leben der Dita Kraus, wurde in zahlreiche Sprachen übersetzt.

Im Nachwort der Taschenbuchausgabe berichtet der Autor, was seit der Buchveröffentlichung passiert ist und er erzählt von seinen Treffen mit der Auschwitz-Überlebenden Dita Kraus.

Version française :

**La bibliothécaire d'Auschwitz : roman** / Antonio G. Iturbe ; traduit de l'espagnol par Myriam Chirousse. - Paris : J'ai lu, 2021 - 604 p. - (J'ai lu ; 13256). - ISBN 978-2-290-25399-1

suite...





**Ich war das Mädchen aus Auschwitz : eine der letzten Überlebenden des Holocaust erzählt ihre Geschichte** / Tova Friedman und Malcolm Barbant; aus dem Englischen von Ulrike Strerath-Bolz. - München : cbt, 2023. - Originaltitel: The Daughter of Auschwitz. - ISBN 978-3-328-60284-2

Tova Friedman war knapp 7 Jahre alt, als sie am 27. Januar 1945 in Auschwitz befreit wurde. Sie erzählt rückblickend ihre Lebensgeschichte, sowie die ihrer Familie.

Die Einschränkungen und Verfolgungen sowie der forcierte Umzug der Juden in das Ghetto im polnischen Mazowiecki sind für das kleine Mädchen nicht so nachvollziehbar und furchteinflößend wie für ältere Kinder, die dasselbe Schicksal teilen. Nach der Deportation nach Auschwitz lernt Tova sehr schnell und konsequent, dass sie nur überleben kann, wenn sie genau tut, was ihre Mutter sagt. Ihrer Mutter gelingt es auch, sie kurz vor der Befreiung des Lagers zu verstecken, damit sie nicht doch noch in letzter Minute ermordet wird.

Nach dem Krieg versucht Tovas Familie, nach Polen zurückzukehren, flüchtet aber schließlich vor dem noch präsenten Antisemitismus in die USA.

Eine beeindruckende Lebensgeschichte, die sich an ältere Jugendliche und an Erwachsene richtet. Die Autorin klärt auch auf TikTok über die Shoah auf.




**Young : Tunis 1911-Auschwitz 1945** / Szenario: Aurélien Ducoudray; Zeichnungen: Eddy Vaccaro; aus dem Französischen von Karolina Heidinger. - Wien : bahoe books, 2021. - Originaltitel : Young : Tunis 1911-Auschwitz 1945. - ISBN 978-3-903290-63-1

Die Graphic Novel erzählt die Geschichte von Victor Young Perez (1911 in Tunis als Jude geboren), der zum Weltmeister im Fliegengewicht aufsteigt und dann 1944 nach Auschwitz kommt. Victor muss zur Belustigung der SS dort Boxkämpfe organisieren und selbst boxen. Er verliert seine Menschlichkeit nicht und versucht, seinen Freunden im Lager z.B. durch Nahrung zu helfen. Bei einer solchen Aktion wird er am 22. Januar 1945 auf dem Todesmarsch von Auschwitz Richtung Westen erschossen.

Die eindringlichen schwarz-weiß Bleistiftzeichnungen erzählen eine spannende und zugleich bewegende Geschichte. Die Erzählung wechselt permanent zwischen Episoden aus Victors Jugend oder seinem sportlichen Aufstieg und thematisch passenden, aber beklemmenden Szenen seines grausamen Alltags in Auschwitz.

Die Graphic Novel eignet sich für ältere Jugendliche und für Erwachsene.

Version française :

Young : Tunis 1911-Auschwitz 1945 / un récit d'Aurélien Ducoudray ; dessin, d'Eddy Vacaro. - Paris : Futuropolis, 2013. - 125 p. - ISBN 978-2-7548-0628-2

suite...

## Journées du livre et du droit d'auteur 2023 – Net reell?! Fantastesch Geschichten

## Réckbléck

Et gouf e ganz positiven Echo aus de Schoulen op d'Theema vun 2023. Déi zwou Facettë vum Theema goufe ganz villfälteg an dacks bicherbaséiert behandelt. D'Aktivitéite goufe Fächer iwwergräifend duerchgefouert, et goufe ganz Projeten derzou realiséiert oder d'Journées sinn deels an aktuell Projeten oder grouss Theemen, déi an enger Schoul aktuell waren, agebett ginn.

Vill Bicher aus der SCRIPT-Bibliographie zum Theema 2023 si kaaft a benotzt ginn. Den Titel "Glaube niemals einem Raben" schéngt am meeschte Succès gehat ze hunn. A Schoule gouf dacks en thematesche Bichereck oder Bicherdësch opgebaut. Och Bicheraustellungen zu "Bicher iwwer Bicher" si realiséiert ginn.

Zousätzlech sinn eng Rëtsch aner Titelen an den Asaz komm. Vill Fantasiegeschichten oder Ligesgeschichten goufe vermëttelt an deels vun de Kanner ëmgewandelt oder weidererzielt. Dobäi ass op eng Rei Klassiker wéi den Eulenspiegel, de Münchhausen, de Pinocchio ... zréckgegraff ginn. Mat deene klenge Kanner goufe ganz bekannt Billerbicher ronderëm Fantasie- a Ligegeschichten (z.B. de Grüffelo) gelies.

Et sinn allgemeng eng Rei Bicher op Lëtzebuergesch oder a Lëtzebuergescher Iwwersetzung genotzt gi, mee och an aner Schoulsproochen an deels nach an aner Sprooche vun de Kanner.

Den Aspekt "Fantastesch Geschichten" huet vill Diskussiounen a Produktiounen vun de Kanner ervirbruecht. Deels baséiert op eng fantastesch Geschicht als Ausléiser (z.B. Alice am Wonnerland, Märercher) oder bekannte Fantasybicher (Harry Potter, Tintenherz) hunn si eege fantastesch Geschichte kreéiert oder carrément fantastesch Welten erfonnt. D'Kanner hu geléiert, wat Fantasiegeschichte sinn a si hunn der gemoolt oder am fräie kreative Schreiwe selwer erfonnt. Dacks sinn hir Produktiounen ausgestallt oder alt emol den Eltere gewisen oder virgefouert ginn.

Och Märercher a Fabele mat fantastesche Figuren (Draachen, Hexen, etc.) hate vill Succès. Si si gelauschtert, gelies, nei erfonnt a kreativ verschafft ginn. Dobäi goung et esouwuel ëm klassesch Märercher wéi ëm Figuren aus Märercher, déi sech anescht verhal hu wéi gewinnt. Och ganz "Contes détournés" koumen zum Zuch. Fabelwiesen aus fantastesche Geschichten si beschwat ginn a verschidde Schoulen hunn e ganze Projet ronderëm Märercher gemaach.

Allgemeng ass gelies, virgelies, gemoolt an Theater gespillt ginn (Figuren, Handpoppen, Poppentheater mat liewege Poppen etc.). Den Erzieltheater Kamishibai koum vrun allem bei méi klenge Kanner an den Asaz. Grouss Kanner hu klenge Kanner virgelies. Et ass erzielt an noerzielt ginn an et goufe Liesunge vun Auteuren.


Méi grouss Kanner hu selwer Geschichte geschriwwen oder weider gesponnen oder Biller an Text erschaf. Si hunn z.B. zu Fake News Plakater gemaach, Texter geschriwwen, Fake Fotoen oder Fake Videoe produzéiert, selwer Fake News geschriwwen an driwwer diskutéiert wéi een se erkennt. Déi Aktivitéite sinn deels och informatesch gelaf : et ass Powerpoint genotzt ginn, et gouf mam iPad geschafft, et si Filmer a Stop-Motion Videoe produzéiert ginn a fir d'Liese sinn och den Tiptoi oder Tonie an den Asaz komm. Och den ChatGPT ass bewosst scho genotzt gi fir eng Fantasiegeschicht ze schreiwen a Beesecure gouf ageluede fir Fake News ze thematiséieren. Dat aktuellt Theema vun de Falschmeldungen ass deels intensiv am Cycle 4 geschafft ginn.

Mir freeëen eis drop, fir d'Editioun 2024 grad esou flott Temoignagen ze kréien!

suite...

Hei ënnendrënner e puer vun de Bicher, déi genotzt goufen:

## Fantasie- a Ligegeschichten




**Das Abenteuer beginnt** / Andreas Suchanek; mit Bildern von Timo Grubing. - Berlin : Ueberreuter, 2021. - 244 p. - (Flüsterwald; Bd. 1). - ISBN 978-3-7641-5175-1

https://www.ueberreuter.de/produkt/fluesterwald-das-abenteuer-beginnt-fluesterwald-staffel-i-bd-1/

De Lukas gëtt matten an der Nuecht vun engem Kobold iwwerfall a leeft deem no – direkt an e geheimnisvolle Bësch hannert sengem Haus.

Den éischte Band vun enger flotter Fantasyserie fir Kanner vum Enn Cycle 3 un.



**Ein Dinosaurier in meiner Badewanne** / Catalina Echeverri; aus dem Englischen von Gesine Schröder. - Bamberg : Magellan, 2014. - ISBN 978-3-7348-2001-4

https://www.magellanverlag.de/titel/ein-dinosaurier-in-meiner-badewanne/52


E Meedchen huet en Dino am Buedzëmmer, mee hatt ass dat eenzegt, dat en iwwerhaapt gesäit ...



**Echt wahr? : 52 Gelegenheiten, sich über Lüge und Wahrheit zu unterhalten** / Antje Damm. - Frankfurt am Main : Moritz, 2016. - 109 p. - ISBN 978-3-89565-286-8

https://www.moritzverlag.de/Alle-Buecher/Echt-wahr.html

E ganz villfältegt Buch zum Theema Wouerecht, Ligen, Flunkereien an Täuschungen. Et bitt sech fir vill philosophesch Diskussiounen un.



**Flunkerfisch** /Axel Scheffler, Julia Donaldson; aus dem Englischen von Martin Auer. - Weinheim : Beltz, 2013. - ISBN 978-3-407-79499-4

https://www.beltz.de/kinderbuch_jugendbuch/produkte/details/8254-flunkerfisch.html

De klenge Flunkerfësch zielt all Dag eng aner geflunkert Ausried, firwat en net zur Zäit an d'Schoul koum. Mee heiansdo ass esou vill Fantasie am grousse Mier och gutt.

suite...




**Nüsse haben kurze Beine** / Benas Bérantas; Ill. Vilija Kvieskaitė; aus dem Litauischen von Saskia Dreude. - Bamberg : Magellan, 2019. - ISBN 978-3-7348-2064-9

https://www.magellanverlag.de/titel/nuesse-haben-kurze-beine/186


Eng kleng Noss klauen ass jo net schlëmm, oder? Awer wann de ganze Kuerf mat Nëss, deen d'Mamma gebraucht hätt, da fort ass,  da gëtt et méi kriddeleg.




**Schnipselgestrüpp : eine Geschichte** / von Christian Duda ; mit Zeichnungen von Julia Friese. - Weinheim : Beltz, 2013. - ISBN 978-3-407-79538-0

https://www.beltz.de/kinderbuch_jugendbuch/produkte/details/6042-schnipselgestruepp.html

Well seng Eltere de  Fernseh kucken a sech net fir hien interesséieren, setzt e Bouf setzt sech aus klenge Stécker Zeitung an aus Biller eng eege Welt zesummen.




**Wo die wilden Kerle wohnen** / Maurice Sendak; aus dem Amerikanischen von Claudia Schmölders. - Zürich : Diogenes, 2013. - ISBN 978-3-257-01161-6

https://www.diogenes.ch/leser/titel/maurice-sendak/wo-die-wilden-kerle-wohnen-9783257011616.html

Ee vun de grousse Billerbuchklassiker zum Theema Kanner a Fantasie

## Märercher anescht erzielt & Geschichte mat Märchefiguren oder Fabelwisen




**Blaukäppchen und der gute Wolf** / Nico Sternbaum ; mit einem Nachwort von Martin Rütter. - Hamburg : Schneiderbuch, 2022. -

ISBN  978-3-505-15009-8

https://www.harpercollins.de/products/blaukappchen-und-der-gute-wolf-9783505150098

Kee wëllt mam Wollef spillen. All hu se Angscht virum him. Dat fënnt d'Blaukäppchen net gutt a versicht, et ze änneren.

suite...




**Ich bin der Stärkste im ganzen Land!** / Mario Ramos ; aus dem Französischen von Markus Weber. - Frankfurt am Main : Moritz, 2015. - ISBN  978-3-89565-136-6

https://www.beltz.de/produkt_detailansicht/7093-ich-bin-der-staerkste-im-ganzen-land.html

De Wollef leeft duerch de Bësch a behaapt, hie wier dee Stäerksten. An all déi, déi e begéint, ginn him Recht – bis op een...

De Mario Ramos hutt nach eng ganz Rëtsch witzeg Geschichte vum Wollef geschriwwen.




**Ich bin ein Wolf, sagt Hase** / Jadwiga Kowalska. - Zürich : Atlantis, 2017. - ISBN 978-3-7152-0736-0

https://atlantisverlag.ch/produkt/ich-bin-ein-wolf-sagt-hase/

Den Hues bitzt sech e Wollefskostüm, fir datt en net méi fäerte muss. Mee en huet domat méi Succès wéi erwaart.




**Die Prinzessin in der Tüte** / Robert Munsch ; mit Bildern von Sabine Büchner ; aus dem Amerikan. von Salah Naoura. - Ravensburg : Ravensburger, 2014. -  ISBN 978-3-473-44638-4

https://www.ravensburger.de/de-DE/produkte/kinderbuecher/bilderbuecher-vorlesebuecher/die-prinzessin-in-der-tuete-44638

D'Prinzessin Lissy ass hannert dem Draach hier, deen hiert Schlass iwwerfall an hire Prënz verschleeft huet.

E Märche mat e bëssen anere Rollebiller.




**Rotkäppchen hat keine Lust /** Sebastian Meschenmoser. - Stuttgart : Thienemann, 2016. - ISBN 978-3-522-45827-6

https://www.thienemann-esslinger.de/produkt/maerchen-parodien-1-rotkaeppchen-hat-keine-lust-isbn-978-3-522-45827-6

D'Rotkäppchen ass um Wee bei seng Boma an et ass genervt. Wéi et dunn de Wollef begéint, kritt deen dat ze spieren ...

Vum selwechten Auteur gëtt et och "Die verflixten sieben Geißlein".

suite...




**Rotraut Susanne Berners Märchen-Comics** / Rotraut Susanne Berner. - Berlin : Jacoby & Stuart, 2008. - ISBN 978-3-941087-05-7

https://www.jacobystuart.de/buecher-von-jacoby-stuart/bilderbuch/marchencomics/


Aacht bekannte Märercher vun de Gebridder Grimm ginn als Comics erzielt.




**Die Steinsuppe** / Anaïs Vaugelade. - aus dem Franz. von Tobias Scheffel. - Frankfurt am Main : Moritz, 2000. - ISBN 978-3-89565-115-1

https://www.moritzverlag.de/Alle-Buecher/Unsere-Klassiker/Steinsuppe.html

De Wollef kënnt bei en Hong a wëll eng Zopp aus Steng kachen. D'Nopere komme lues a lues och a jidderee bréngt eppes mat fir an d'Zopp.





**Trolle, Wichtel, Pixies und Waldwesen aus aller Welt** / Malin Neumann. - Münster : Bohem, 2020. - ISBN 978-3-95939-078-1

https://www.bohem.ch/katalog/trolle-wichtel-pixies-und-waldwesen-aus-aller-welt/

Eng Sammlung vu poetesche Geschichten aus aller Welt iwwert kleng Wiesen am Bësch.

## Bien grandir dans un espace accueillant




disponible au MENJE : isabelle.meyers@men.lu

disponible en ligne : www.men.lu

**Trouvez toutes nos publications sous :**

**http://www.men.lu**

# D'EuChems-Periodentafel op Lëtzebuergesch

## D'EuChems-Periodentafel op Lëtzebuergesch am Lycée Nic-Biever

De SCRIPT huet zesumme mam Veräin vun de Lëtzebuerger Chemiker (Association des Chimistes Luxembourgeois – ACHIL) a mat der Hëllef vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) d'Periodentafel vun den Elementer vun der European Chemical Society (EuChems) op Lëtzebuergesch iwwersat.


Am Joer 2019 huet d'European Chemical Society (EuChems) dës Periodentafel fir d'éischt veréffentlecht.

Op der Tabell sinn d'Haisercher vun all Element esou verformt, dass d'Gréisst vum Haischen der nach disponibeler Quantitéit vun deem Element entsprécht (op enger logarithmescher Skala). Dobäi goufen d'Elementer vu gréng bis rout agefierft, jee nodeem, wéi konkret d'Gefor ass, dass se eis an deenen nächsten 100 Joer ausginn. Elementer, déi an iergend engem Zesummenhang zu bewaffnete Konflikter oder zu Mënscherechtsverletzunge stinn, goufe schwaarz hannerluecht. Elementer, déi fir d'Produktioun vun Handyen an aner smarten Apparater gebrauch ginn, sinn och gekennzeechent.

Dës Tabell soll op eng optesch uspriechend, an awer gläichzäiteg däitlech Aart a Weis op d'Begrenztheet vun eise Ressourcen hiweisen.

All Lëtzebuerger Lycée krut elo esou eng Tabell geschéckt fir auszehänken. Ënnen op déser Säit ass se als PDF-Dokument za fannen.

Eng Handreichung fir Enseignante gouf och vun der ACHIL a vum SCRIPT editéiert, se ass um heydoo.lu ënnert dësem Link disponibel.



**Eltereschoul J. Korczak**
**Tél. 59 59 59 59**
**Mail**: elterschoul@kannerschlass.lu





D'**ELTERESCHOUL JANUSZ KORCZAK** ass de präventive Service vun der Fondatioun Kannerschlass. E gouf am Joer 2002 gegrënnt a riicht sech un all Elteren (vun zukünftegen Eltere bis Eltere vu Jugendlechen), déi sech wëlle begéinen, diskutéieren a sech am Grupp iwwert d'Elternschaft, d'Erzéiung vun de Kanner an den Alldag an der Famill austauschen.

## ELTERESCHOUL AM PRESENTIEL – FIR CRECHEN, MAISONS-RELAISEN, SCHOULEN

Duerch eng enk Zesummenaarbecht mat Institutiounen a Servicer aus dem sozio-edukative Beräich ass et eis méiglech, d'Elteren do ze begéinen, „wou se sinn". Eis Offer ëmfaasst souwuel thematesch Aktivitéite vun enger Unitéit wéi awer och Coursen, Diskussiounsgruppen, Elterenecker...
De komplette Katalog vun eise Presentiel- an Onlinetheme fannt Dir op eisem Site:
https://www.kannerschlass.lu/fr/catalogue-des-th%C3%A8mes

Wann Dir als Institutioun interesséiert sidd, eng Aktivitéit fir „Är Elteren" zesumme mat der Eltereschoul ze organiséieren, da kontaktéiert eis iwwer eltereschoul@kannerschlass.lu

Parallell dozou hu mer och een Onlineprogramm ouni Partner an d'Liewe geruff:

## ELTERESCHOUL DOHEEM - D'WEBINAIRE VUN DER ELTERESCHOUL

Mat Eltereschoul Doheem, proposéiere mir den Eltere méi wéi 30 verschidde Webinairen an Online-Coursen iwwert d'Erzéiung, d'Entwécklung vum Kand an och d'Familljeliewen.
Hei de Programm bis Enn des Joers:

| | |
|---|---|
| 09/01/24 18.00 Auer | **Teenagers and digital media. Is everything still ok?** (EN) (for parents of children aged 10 years or more) |
| 16/01/24 18.00 hrs | **Dodo l'enfant dodo... sur le sommeil des enfants (FR)** (pour parents d'enfants de 0-4 ans) |
| 24/01/24 18.00 hrs | **You are not born a parent (EN)** (for future parents or parents of small babies) |
| 30/01/24 18.00 hrs | **Gestion du stress dans le quotidien familial (FR)** (pour tous les parents intéressés) |
| 31/01/24 18.00 hrs | **Smartphone, Tablet a Co. Grouss ginn an enger digitaler Welt (LU)** (fir Eltere vu Kanner vu 4-12 Joer) |
| 06/02/24 19:00 hrs | **Comment gérer les émotions intenses de nos enfants ? (FR)** (pour parents d'enfants de 0-10 ans) |
| 08/02/24 18.00 hrs | **I can do it all by myself! Autonomy development from 0-6 years (EN)** (for parents of children aged 0-6 years) |

Dës Webinairë si gratis. Fir deelzehuele brauch et just eng E-Mail op d'Adress: eltereschoul@kannerschlass.lu.

Eise ganze Programm **ONLINE** an am **PRESENTIEL** fannt Dir op eisem Site (www.kannerschlass.lu) oder scannt einfach de QR-Code.

**Eltereschoul J. Korczak**
**Tél. 59 59 59 59**
**Mail: elterschoul@kannerschlass.lu**

# TRIPLE P
# POSITIVE PARENTING PROGRAM

***„Eltern zu sein kann sehr schön und beglückend sein, es ist aber nicht immer einfach. Denn die Erziehung von Kindern ist oft auch herausfordernd, anstrengend, ermüdend und frustrierend"***

Ziel des wissenschaftlich geprüften Programmes ist es, die Erziehung von Kindern zu erleichtern. Im Mittelpunkt des Kurses steht deshalb die Interaktion (besonders die Kommunikation) zwischen Eltern und Kind, denn oft genügen schon kleine Veränderungen, um die gesamte Familiensituation zu verbessern.

***Für Eltern von Kindern von 2-10 Jahren***

| | |
|---|---|
| **Datum:** | **26.02, 04.03, 11.03 et 18.03.24 19.00-21.30 Uhr** (10 Stunden insg.) |
| **Ort:** | **Grevenmacher, 17, rue de Flaxweiler, Schouldirektioun** |
| **Kursleitung:** | **Dunja Wolsfeld,** Educatrice graduée, Triple-P Trainerin, Coach parental systémique |
| **Sprache:** | **LU, DE** |

***„Etre parent peut être merveilleux et enrichissant, mais ce n'est pas toujours facile. Eduquer des enfants est aussi un vrai challenge"***

La parentalité influence tous les aspects du développement de l'enfant. Les interactions quotidiennes de chaque instant, entre parents et enfant ont un impact durable sur le bien-être et la qualité de vie de l'enfant. Les avantages du Triple P ont un effet de cascade sur toutes les facettes de la vie, y compris la santé mentale et physique, les opportunités d'apprentissage …

***Pour parents d'enfants de 2-10 ans***

| | |
|---|---|
| **Dates** | **05.06.24, 12.06.24, 19.06.24 et 26.06.24 de 18.00-20.30 hrs** (10 hrs en tout) |
| **Adresse:** | **EN LIGNE** |
| **Intervenante:** | **Patrice Moes-Gretsch,** Educatrice graduée, Triple-P Trainerin, Coach parental systémique |
| **Langue:** | **FR** |


Preis pro Person (einschl. Handbuch)/Prix par personne (manuel compris): 40,00 €

Einschreibung und Infos/Inscription et informations: eltereschoul@kannerschlass.lu

# LUX:plorations – Ein Forschungsuniversum

## Ein Comic über Wissenschaft und Forschung in Luxemburg

Der Wissenschaftscomic LUX:plorations ist eine Publikation der Universität Luxemburg und ist **kostenfrei** in fünf verschiedenen Sprachen verfügbar (**Englisch, Französisch, Deutsch, Luxemburgisch und Portugiesisch**). In Band 3 geht es unter anderem um Künstliche Intelligenz (KI), das Aufmerksamkeits-Defizit-Hyperaktivitäts-Syndrom (ADHS), Quantenphysik, Mode und Psychologie sowie die Frage, wie Virtuelle Realität (VR) die Wahrnehmung von Zeit beeinflussen kann.




### Wo bekomme ich den Comic?

Online über sciencecomics.uni.lu

Gedruckte Exemplare können an folgenden Standorten abgeholt werden:

- Luxembourg Learning Centre (7, Ënnert den Héichiewen, L-4361 Esch/Alzette)
- Maison du Savoir Auditoires (2, Av. de l'Université, L-4365 Esch/Alzette)
- Maison du Nombre (6, Av. de la Fonte, L-4364 Esch/Alzette)
- JFK Gebäude (29, Avenue John F. Kennedy, L-1855 Luxembourg)

Größere Mengen können über descom@uni.lu bestellt werden.

### Gewinnspiel

Wie gefällt Ihnen der Comic? Nehmen Sie bis zum 15. Januar 2024 an der kurzen Online-Umfrage teil und damit auch am Gewinnspiel. Alle Teilnehmenden erhalten als Dankeschön einen Sticker. Zudem gibt es zu gewinnen: ein personalisiertes Comic-Portrait, Comic-Bücher und Freikarten für das Luxembourg Science Center. Zur Umfrage mit Gewinnspiel: https://ulsurvey.uni.lu/index.php/479748

### Interaktive Workshops

Kostenfreie Workshops für Jugendliche ab 15 Jahren werden zu den Themen KI, ADHD und VR angeboten. Weitere Infos erhalten Sie über descom@uni.lu (siehe auch Novemberausgabe 2023 des CEN).

### Wanderausstellung


Bei Interesse an der Wanderausstellung zum Comic kontaktieren Sie bitte Nicole Paschek via descom@uni.lu

Der Wissenschaftscomic entsteht mit Unterstützung des Luxembourg National Research Fund (FNR), der Fakultät für Naturwissenschaften, Technik und Medizin (FSTM) sowie der Doctoral School in Humanities and Social Sciences (DSHSS).

# Weiterbildungen 2024

# (2. Trimester)

Unsere Weiterbildungen richten sich an Lehrpersonen der Grund- und Sekundarschulen, pädagogisches Personal und die breite Öffentlichkeit. Sie befassen sich mit aktuellen sozialen und politischen Fragen, der Beteiligung von Kindern und Jugendlichen und Methoden der politischen Bildung.



Das folgende Angebot ergänzt unsere Lehrmaterialien, indem es Lehrer*innen und Pädagog*innen hilft, die politische Bildung in ihre tägliche Arbeit zu integrieren.

https://zpb.lu/formation-continue/

## Our offer in English




The ZpB is constantly striving to develop and to reach out to more people.
As the request for material in English has grown over time, you can find a selection on this page:

https://zpb.lu/zpb/our-english-offer/